Lëtzebuerger Guiden a Scouten

Theater spillen

E Beispill fir d'Organisatioun

Zieler:

- PR fir de Grupp am Quartier
- Suen fir d'Aktivitéiten an d'Material am Grupp

Aarbecht:

- Mamm ganze Grupp eng Theatervirstellung organiséieren

Kader:

- All Membere sinn dru bedeelegt
- Elteren a Frënn hëllefen
- Plaz: z.B. Theatersall, Sportshal …
- Infrastruktur: Wat ass do vu Bühn, Kulissen, Still, Dëscher …?

Zäitpunkt an Dauer:

- Samschdes owes a sonndes nomëttes (An enger Saison wou soss nët vill lass ass ,…)

Organisatioun:

- D'Chargen (Praktesches an Administratives…) an Aarbechtsgruppen opdeelen
- Programm: En Aarbechtsgrupp iwwerhëlt déi allgemeng Animatioun, dat anert gëtt brancheweis organiséiert
- Infrastruktur: Bühn, Kulissen a Material. Bühnendecoratioun fir all Branche
- Bréidercher, Bar, Kuch, Tombola. Brancheweis gi Gewënner gesammelt.
- Mir ënnerscheeden d'Organisatioun déi fir de ganze Grupp ufällt an d'Organisatioun déi pro Branche nach derbäikënnt.
- E/ng Chef/taine mécht d'Coordinatioun.

"Plan d'attaque"

Discussiounsronne fir d'Organisatioun ze iwwerdenken an Démarchen ze proposéieren.
En Aarbechtspabeier ausschaffe mat de Chargen déi ufalen.
Am Grupperot gëtt d'Organisatioun vum Theater festgehal.
An de verschiddenen Aarbechtsgruppe gëtt eng Viraarbecht gemaach, déi fir de nächste Grupperot soll fäerdeg sinn. De Brancheprogramm bleift ënnert der Leedung vum Branchechef.

Kommunikatioun:

De Grupperot gëtt vum Coordinateur informéiert wat leeft an nach soll lafen. Et gëtt eng Checklëscht lafend komplétéiert.

Eng gutt Zesummenaarbecht:

All AG a Branche gëtt vun engem Responsabele gefouert. Déi verschidde Responsabel suergen dofir, datt jiddereen/t Matsproochrecht huet Matverantwortung dréit. Eis intern Riichtlinne gi vu jiderengem respektéiert esou datt keng onnëtz Konflikter entstinn. (Haaptakzenter sinn eisen Image als Guide/Scoutsgrupp an eis Method)